Informatiounsblad: 2018.02
Erschengt 4x d'Joer
www.cercle.lu/ongd/engbreckmat
www.facebook.com/EBMLA

# Eng Bréck mat Lateinamerika

*ONG fir Entwécklungshëllef a Mëttel- a Südamerika*
*BIL: LU08 0021 1213 4270 0000*
*CCPL: LU04 1111 0883 0535 0000*
*BCEE: LU85 0019 3755 3516 0000*



*31 Jar Entwécklungshëllef a Südamerika*



2018-02.indd 1 20.06.2018 10:32:14

# Invitatioun op eis Generalversammlung

E Mëttwoch, den 11. Juli 2018  em 19.30 Auer

zu Dikrich 19, rue Jean l'Aveugle

**PROGRAMM :**

1) Begréissung duerch de Präsident

2) Aktivitéitsrapport 2017

3) Keessebericht 2017 a Budget 2018

4) Diskussioun oder Froen zu de Berichter

5) Décharge fir de Keessier an de Comité

6) Deelweis Erneierung vum Comité.

Et trieden aus a kënne rëmgewielt gin:

Nadine HAAS, Sonia HERRMANN, Jorge VILLAR

Kandidature fir de Comité solle bis virun der Versammlung beim Präsident virleien

7) Virstelle vun de Projet'en fir 2018

8 ) Divers

*D'Bild op der 1. Seit weist d'Recolte vun de Gromperen déi an de nei bewässerten Felder vum Projet P1 am Peru gezillt goufen*

Eng Bréck mat Lateinamerika



2018-02.indd 2 20.06.2018 10:32:14

**Un nouveau projet d'aide au développement :**
Reforestation et production alimentaire dans le district de Querocoto Pérou.

a) Durée du projet : juillet 2018-décembre 2020
b) Description : Querecoto est situé au nord du Pérou sur le versant ouest de la cordillère des Andes. C'est une région vallonnée avec des forêts à arbres natifs protégées. La Forêt de Pagaibamba couvre 5 000 ha dont 2 078 ha sont sous protection par le SENARP (Service National des Aires Naturels protégés par l'Etat). Ces forêts sont fortement en danger suite à la déforestation pour produire des terrains de culture en remplacement des anciens terrains, qui après quelques années de culture sont épuisés et érodés par les pluies parce qu'ils sont en pente. En plus en décembre 2016 le feu a détruit plus de 500 ha. Parmi les arbres natifs il y a le cinchona arbre dont l'écorce contient la quinine déjà utilisé par les Inkas pour guérir la malaria. On y trouve en plus tout un tas d'arbres et d'arbustes produisant des fruits comestibles.
En plus cette région est un réservoir d'eau avec beaucoup de sources qui alimentent les régions situées plus basses.





2018-02.indd 3 20.06.2018 10:32:14

L'action servira à replanter des arbres dans la zone incendiée et dans les zones limitrophes déforestées dans le temps. De cette manière la couverture du sol sera de nouveau garantie et les sources d'eau seront durant les périodes de pluies de décembre à mars de nouveau alimentées. L'érosion est freinée et les sols pourront de nouveau produire. En plus l'eau des sources réhabilitées serviront à l'alimentation humaine mais aussi à l'irrigation par gouttes pour la production alimentaires dans les champs et jardins familiaux. Les bénéficiaires sont engagés dans la culture des plants dans les pépinières, dans la plantation sur le terrain et pourront profiter des fruits produits par les diverses variétés plantées respectivement semées

c) Coût : 2018 : 82.547,89 €; 2019: 117.764,01 €; 2020: 70.635,96 € Total: 270.947,86

## Volontariat zu Cusco




Ech sinn elo scho säit iwwer 3 Méint zu Cusco, wou ech en Volontariat bei der Organisatioun APU maachen. Mäin typeschen Dagesoflaf gesäit sou aus, datt ech Moies frei vu mengem Mataarbechter ofgeholl ginn, a mir dann zesummen op Maras fueren, eng kleng Stad di ongeféier eng Stonn vu Cusco ewech läit. Do hunn mir eng Bamschoul, wou mir ënner anerem nativ Planzen, Eucalyptus, Kiefer a verschidden



2018-02.indd 4 20.06.2018 10:32:15

Uebstbeem (Äppelbeem, Piischebeem, a verschidde lokal Uebstzorten) opzéien, di duerno un déi verschidde Communautéiten, mat deene mir zesumme schaffen, verdeelt ginn. An där Bamschoul schaffe mir zweemol d'Woch, ënner anerem rappe mer Onkraut, mir praffen d'Uebstbeem, mir këmmeren eis em d'Infrastruktur a mir bewässeren di kleng Beemercher. De Rescht vun der Woch fuere mir an di verschidde Communautéiten, fir mat de Leit do ze plangen an hinnen ze erklären, wat fir Aarbechten se an hiren eegene klenge Bamschoule maache mussen. Mat hinne planze mir och di ganz Beem, déi an de Bamschoule groussgezu ginn.



Des Beem hunn vill Virdeeler fir d'Leit aus de Communautéiten: zum enge kennen se d'Holz verkafen oder selwer benotzen, wat fir si en ekonomesche Virdeel duerstellt. Zum aneren hunn d'Uebstbeem de Virdeel, datt d'Leit eng weider Iessensquell hunn a wichteg Vitaminne kréien. Och d'Kiefere spillen do eng wichteg Roll, well ënnert hinne wiisst eng bestëmmt Zort Champignonen, déi vill Proteinnen huet an als Fleeschersatz ka geholl ginn. An di Champignone schmaachen och ganz gutt an hunn en héije Maartwäert. Di eenheemesch Planzen hëllefen, d'Qualitéit vum Buedem ze verbesseren a verhënneren, datt de Buedem wärend der Dréchenzäit sou staark ausdréchned.



2018-02.indd 5 20.06.2018 10:32:16

Eng aner Aarbecht, déi mir leeschten, ass Waasserreservoiren an nei Infrastrukturen ze plange fir datt d'Leit d'ganz Joer iwwer Waasser hunn, fir ze drénken a fir d'Bewässerung vun hire Felder. Meng Roll an där ganzer Geschicht ass, en Wessensaustausch ze schafen an als Member vun der Equipe eng Hand mat unzepaken. Mat mengem Bachelor an der Waldwirtschaft an Hydrologie hunn ech dat richtegt Grondwësse fir dësen Job.



A meger Fräizäit spadséieren ech meeschtens duerch Cusco, eng schéi Stad mat villen Undenken aus der Inka- a Kolonialzäit, a mat ville gudde Restauranten. Heiansdo ginn ech och Inkaruine kucken oder reesen, oder verbréngen Zäit mat menge Mataarbechter an hirer Famill oder mat menge Kollegen hei.



*Tom Dall'Armellina*



2018-02.indd 6 20.06.2018 10:32:17

## Medellín, ciudad de eterna primavera;
## d'Staat vum eiwegen Fréijoer.

Meng alleréischt Impressiounen waren Geräischer, Gerësch a visuell ganz vill Informatiounen; Leit, Faarwen,...

Et spillt ëmmer iergendwou eng Musek, et gëtt ëmmer iergendwou en klengen Stand mat Snacks op engem Stroosseneck, d'Leit sin faarweg ugedon an richen ëmmer gudd. Kierperlech Hygiène ass hei immens wichteg! Et richt eben no Fréijor..

Dëst war am Ufank relativ impres- sionant well ongewinnt, mee ech hunn dat direkt appréciéiert. Et lieft alles...

Bei Proyectarte sinn ech elo bal 4 Méint an sin begeeschtert! Hei eng kleng Beschreiwung vun engem vun mengen Aarbechtsdeeg (en Samsdeg well dëst ass den Dag wou ech meng Danzateliers ginn).

Samsdeg, 5h00 Moies, den Wecker schellt...

D'Liewen fänkt hei méi frei un, villäicht well d 'Sonn schonn kuerz no 18h rëm ënnergeet. Et gëtt doheem gefrühstückt, eng Arepa mat Eeër oder Kéis, oder lecker exotesch Friichten.

6h, mir (mäin Matbewunner deen als Psycholog bei Proyectarte schafft an ech) sinn aus dem Haus an trëppelen 25min bis bei den Metro. Wei gesot, wat mech seit dem éischten Daach markéiert huet war dat jiddereen immens gudd richt an immens gepflegt ausgesäit. Zu Medellín ass schlecht richen an knaschteg Schong hunn sou wei wann een sech net giff Zänn wäschen, krut ech erkläert.

7h, mir sinn op der Schaff ukomm, d'Kaffismaschin rauscht an d 'Équipe mécht déi lescht Preparatiounen virum „encuentro", der rencontre mat den Kanner.

Moies an der Woch schaffen ech un mengem Aarbechtsplang vir déi verschidden Atelieren. Nomëttes ginn ech mat aneren Artisten, zum Beispill vum Theater oder arts plastiques, an déi verschidden Barrios (Quartiers) an deenen mir aktiv sinn.



2018-02.indd 7 20.06.2018 10:32:17

Ech hunn d'Chance alleng en Piloten projet kennen ze féieren an hunn eng kleng Grupp Kanner vir Danzatelier am Barrio „La Sierra".



Dësen Barrio läit am Bierg, am Nord-Osten vun Medellín, an ass een vun deenen „schwéiersten" an deem mir aktiv sinn . Seng Geschicht, markéiert vun Gewalt, verfollegt en, och wann sech bessen eppes verbessert huet, säit dem Friddensaccord mat der FARC an der Installatioun vum Funiculaire zum Beispill, bleiwt et ugespaant an geféierlech. Et gëtt just eng Strooss déi erof an d'Staat féiert. D'Banden déi am Barrio aktiv sinn wëssen also ëmmer wen aus dem Barrio eraus geet an eran kennt.

7h30 mir setzen alleguer am Minibus ënnerwee vir erop an et gëtt gudd gelaacht. Samsdes gi mir all zesummen an „La Sierra". Mir hunn Gileten un mat eisem Logo drop vir eis ze identifizéieren an ze weisen dat mir vun enger Associatioun sinn. D'encuentros sinn ëmmer an den Schoulen, well dest en ofgesécherten Terrain ass, mat enger Eisepaart an Zonk an engem Garde.

Ab 8h15 kommen d'Kanner lues an lues agelaf, wuertwiertlech gelaf an sprangen engem laachend an d'Ärm „Hola Profe, cuando empezamos?" - „Moien Proff, wéini fänken mer un?". De Klassesall gëtt gekiert well et ëmmer immens stëbseg an knaschteg ass, et ginn net ëmmer zouen Fënsteren, just engt Gitter hannert dem Lach an der Mauer.



2018-02.indd 8 20.06.2018 10:32:17

D‘Kanner sinn absolut Helden. Si sinn esou freedeg, häerzeg, trotz dem extrem brutalen Kader an deem si liewen. Si hunn tëscht 9 an 13 Joer. Déi meescht sinn den ganzen Daach alleng, an der Woch esou gudd wei den Weekend well d‘Elteren, wann se der nach zwee hunn, de ganzen Daach schaffen an eréischt owes spéit Heem kommen.

Eng vun mengen Schülerinnen, d‘Laura, seet mir während dem Kieren dat hatt déi next Woch net kann kommen well si sengem Papp seng Schanken ausgruewen vir en Bedenkritual well hien elo 4 Joer dout ass. Hien ass ëmbruecht ginn mee si hu säin Kierper „Gott sei Dank“ fonnt, wat net ëmmer den Fall ass.

Well den Barrio am Bierg leit an vill Besch an Vegetatioun ronderëm huet, gëtt den ieweschten Deel „Kierfecht“ genannt. An där Zone gi vill Läichen higeheit, leider och vill onschëlleg Opfer, sief et vun den Paramilitären, Milizen oder Drogebanden.



D‘encuentros ginn enger gewësser Methodologie no, « sentir, crear, pensar » - fillen, créeieren an denken. Et ass ëmmer een Artist an een Psycholog. Et geet dorëms net just ze molen, danzen oder Theater ze spillen vir de Spaass, mee ëmmer en Message ze vehiculéiren, zur Iwwerleeung opzeruffen, an gewëssen Thematiken unzeschwätzen. Am Ufank, mat verschiddenen kreativen Hëllefsmëttel, sollen si beschreiwen wei se sech deen Daach fillen an er-



2018-02.indd 9 20.06.2018 10:32:17

klären firwat. „Eidel“ seet deen Daach d‘Luisa...

D‘encuentros sinn vir d‘Kanner 3 Stonnen reesen, fort aus den de Suergen vum Alldaach an engem Espace deen schéin ass (mir hunn ëmmer en groussen faarwegen an selwergemoolten Mandala am Sall leien mat enger Käerz) an deen gudd richt.

Mir bréngen ëmmer eng Collatioun mat, e Gedrénks an eppes ze Iessen well Verschiddener mat eidelem Bauch kommen.

Nom Danzen man ech ëmmer eng véirel Stonn Relaxatioun mat enger doucer Yogamusik, wou mir eis op den Buedem leeën, d‘Aen zouman a probéieren d‘Gedanken ofzeschalten.

„Wéi fillt dir Iech elo zum Schluss?“... - „friddleg“ seet d’Lorena, „Joffer ech hat elo wierklech meng Suergen an meng Trauregkeet vir en puer Stonnen vergiess“... Ech weess net wat soen, drécken si sich just fest an meng Äerm.

Den Juan kennt laanscht während mir raumen vir Moien ze soen. Hien ass e Schüler aus engem aneren Atelier an wollt sech virun en puer Méint ëmbréngen andeems en sech vum 3. Stack vun der Schoul an den Haff geheien wollt. Den Direkter vun der Schoul huet en vum Balkon weg krut, mat em geschwat an em gesot en sollt Samsdes bei eis an d‘Ateliere kommen. Den Direkter kann leider net méi an d‘Schoul eran goen, usech guer net méi an den Barrio. Hien krut Morddrohungen vun Schüler... Déi sinn hei ganz eescht ze huelen...Hien ass zevill engagéiert an well net dat an der Schoul gedealt gëtt etc. Dat stéiert verschidden Leit...Hien gouf an eng aner Schoul transferéiert.

Dem Juan geet et elo gudd, hien steet all Samsden um 8h schonn bei der Paart vun der Schoul op eis ze waarden. Seng Aen strahlen, säin Mond laacht an ech mengen seng Séil och erëm heiansdo

Um 12h30 fueren mir rëm fort, am Minibus tauschen mir eis aus, d ‘Emotioun ass ëmmer héich, souvill schéin Wierder an Momenter déi mir all Kéier mathuelen. Am Nomëtteg gëtt dat ganzt verdaut...



2018-02.indd 10 20.06.2018 10:32:17



Dankbarkeet ass wahrscheinlech déi Emotioun déi ech am ofste fillen. Dankbar dat et mir esou gudd geet wei et mir geet, dankbar dat ech dësen Kanner e puer Stonnen Freet an villäicht Energie an Hoffnung vir Zukunft kann schenken, dankbar dat ech déi Momenter mat hinnen kann verbréngen an deelen an vun hinnen léieren kann.

Et ass en immens wäertvollen Austausch! Et fillt een sech nëtzlech, och wann ee wees dat een se net all retten kann. Dorëms geet et net, éischter Perspektiven ze offréieren, Selbstvertrauen opzebauen an Hoffnung an Energie ze schenken.

Ech well bal net méi fort...

*Noelle Guerin*




2018-02.indd 11 20.06.2018 10:32:18

Wéi der well matkritt huet, gëtt et engt neit europäescht Reglement wat de Gebrauch vu perséinlechen Daten betrefft. Vun eisen Donateuren hu mir de Numm an d 'Adresse gespäichert fir hinne 4 Mol am Joer e Bulletin ze schécken. An dëse Bulletinen stelle mer eis Projete vir, erzielen iwwert de Fortgang vun de Projeten an am allgemengen wéi mer er Donen asetzen fir deenen Mannerbemëttelten ze hëllefen. Eer Donneeën sen ofgeséchert an et gebraucht soss keen se wéi de Kässier an de President vun EBMLA.

Wann Dir awer an der Zukunft kee Bulletin méi vun eis kréie wëllt, da sot dat w.e.g. dem President Jacques Dahm: Tel: 808071 oder besser schéckt eng E-mail un : dahm1@pt.lu .

*Mat desem QR-Code kënn Der mat Digicash Aeren Don un "Eng Bréck mat Lateinamerika maachen"*
*Dir kënnt awer och op e vun de Konten op der 1. Seit iwwerweisen.*
*Merci*



*Diekirch*
*Port payé*
*P/S.246*

*Eng Bréck mat Lateinamerika*
*19,rue Jean l'Aveugle*
*L-9208 Diekirch*